N°2337
Entrée le 19.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Verdeedegung weiderzeleeden.**

Bis d'Enn vum Joer soll de Lëtzebuerger Bäitrag fir d'NATO op 2 Prozent vum Revenu national brut klammen. Dëst si ronn 400 Milliounen Euro, dovunner ronn 130 Milliounen direkt aus dem Staatsbudget, wéi de Finanzminister op RTL.lu erkläert huet (16.5.2025).

Den Nato-Generalsekretär hat awer schonn uklénge gelooss, datt d'NATO-Memberstaate vun 2032 u 5% vun hirem PIB an d'Verdeedegung investéiere sollen. Den däitschen Ausseminister huet sech schonn ëffentlech hannert dës Fuerderung gestallt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert déi Lëtzebuergesch Regierung de Wee matgoen, fir 5 Prozent vum PIB oder RNB an d'Arméi an Opréschtung z'investéieren?
   Falls jo, wéi soll dëst finanzéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten